Projet „Wandpark Miersch“

Zanter 2017 elo scho beschäftegt eis de Projet vum Wandpark Miersch, dee jo zum Deel ganz no bei eis op de Rollëngerbierg soll kommen, an och d'Wandenergie am Allgemengen. Vill Zäit an Energie ass mëttlerweil drop gaange fir der Thematik op de Fong ze goen an et gouf kontrovers diskutéiert. De Schäffen- a Gemengerot huet sech vun Ufank un an dësem Dossier berode gelooss an huet wéi gewosst den 30. Januar 2018 eng negativ PPrinzipiendecisioun géint de Projet Wandpark Miersch a géint d'allgemeng Bedreiwe vun der Wandenergie op engem industriellen Niveau geholl.

Dass dës Decisioun déi richteg war krute mir elo bestätegt:

Esou sinn déi zwou geplangte Wandanlagen op der Haardt an am Reckenerwald wéinst den héijen Impakter elo staark a Fro gestallt (dat gouf eis och vum Mouvement écologique bestätegt), an och fir déi véier geplangte Wandanlagen um Rollëngerbierg huet d'Ëmweltverdréiglechkeetsetüd leider déi schlëmmsten Erwaardunge bestätegt wat d'Impakter op d'Avifauna ubelaangt, well mer hei effektiv d'Brutt- a Juegdgebidder vu ville geschützte Vullenaarten hunn, ewéi vum Roude Milan, vum Schwaarzmilan, vum Uhu, der Feldlerche, asw.

Am Kader vun der EIE Prozedur konnt de Bedreiwer bis ewell och keng schlësseg Äntwerte ginn op déi vun der Fëschber Gemeng opgeworfe Froen iwwer d'Verhältnesméissegkeet tëschent de bilanzéierten Ëmweltimpakter an dem konkreten Notze fir d'Allgemengheet.

De Bedreiwer huet och elo duerchblécke gelooss, dat nees nei Demarchë bei der Direktioun vun der Aviation Civile erginn hunn, dat d'Anlagenhéicht elo net méi op 150m begrenzt ass, obwuel de Bedreiwer an der ëffentlecher Informatiounsversammlung de 15. Mäerz 2018 op der Héicht virum Gemengerot an den uwiesende Leit versprach hat, dass keng gréisser Anlagen um Rollëngerbierg a Fro kéimen, och wann um Fluchbetrib sech eppes ännert.

Den 13. Dezember dunn, hunn de Paul Heinen an den Eric Dürrer, zwee engagéiert Schéisser Matbierger, dem Schäfferot virun der (nach) schéiner Kuliss vum Rollëngerbierg eng Ënnerschrëfte-Lëscht iwwerreecht wourop 304 Matbiergerinnen a Matbierger aus der Gemeng Fëschbech sech géint de geplangte Projet manifestéiert hunn.

E staarkt Signal aus eiser Populatioun an eng gutt Initiativ vun deenen zwee Häre.

Dës Lëschte wäerten natierlech och deenen zoustännegen Ministèren an hiren Autoritéiten iwerreecht ginn.

D'EIE Prozedur iwwert de Wandpark Miersch wäert elo ofgeschloss ginn. Am Kader vun der Kommodo-Prozedur kritt elo nach eng Kéier all Bierger d'Méiglechkeet géint de Projet ze reklaméieren. Gëtt d'Kommodo-Prozedur lancéiert, bleiwen allerdéngs just nach 15 Deeg fir eng Reklamatioun anzereechen. Et ass also wichteg deen Datum net ze verpassen.

De Schäfferot